CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Direction générale

Luxembourg, le 4 avril 2023

Un all operationell Pompjeeën an administrativ Mataarbechter vum CGDIS via

Chefs de département,
Chefs CIS & adjoints,
Chefs GIS & adjoints,
Chefs de base SAMU & adjoints,
den CSU-112,

Référence : NDS_DGE_20230007
Affaire suivie par : DGE/INFS


**Objet : Promotion du sport au sein du CGDIS**

De CGDIS huet et sech zum Zil gesat, d'kierperlech Fitness a Gesondheet vu senge operationelle Pompjeeën an administrative Mataarbechter ze ënnerstëtzen.

Dofir bitt de CGDIS ab dësem Joer senge Memberen un d'*frais d'inscription* un vereenzelte Sportsmanifestatiounen ze iwwerhuelen.

Fir d'Period vum Joer 2023 rembourséiert de CGDIS also verschidde Fraise vun

1. **Nationale Sportveranstaltungen**
2. **Sportveranstaltungen un deenen de CGDIS als Grupp wäert Deel huelen**
3. **Sportveranstaltungen déi sech spezifesch u Pompjeeë riichten**



# 1. National Sportmanifestatiounen

De CGDIS bitt Iech un fir eng Rei ausgewielte Sportsmanifestatiounen, Är Aschreiwungskäschten ze iwwerhuelen, respektiv Iech déi ze rembourséieren.

### Wéi eng Sport-Manifestatiounen kommen a Fro?

Dir kënnt Iech fir folgend Manifestatiounen, Är *frais d'inscriptions* rembourséiere loossen :

| | |
|---|---|
| **Lafcourse** | • ING Marathon (Team Run, Hallef-Marathon, Marathon)<br>• Route du vin (10km oder 21 km)<br>• Marches populaires vun der FLMP |
| **Vélo** | • Charly Gaul (104km oder 145 km) |

### Wien kann hei matmaachen?

Dës Offer ass fir folgend Member vum CGDIS zougänglech:

- Operationell Pompjeeën (fräiwëlleg oder haaptberufflech)
- Administratiivt Personal

### Wéi funktionéiert dat ?

| | |
|---|---|
| Step 1 | Sech selwer fir di jeeweileg Manifestatioun aschreiwen a seng *frais d'inscription* bezuelen |
| Step 2 | Um Event deelhuelen. |
| Step 3 | De Remboursement vun de *frais d'inscription* iwwert Dynaforms – Frais généraux ufroen.<br><br>**Opgepasst !** Dir musst e Beleeg bäifüge vun den *frais d'inscriptions* déi dir bezuelt hutt an och e Beleeg vun der Participatioun vum Event (Bsp. Är Zäit vun der Laf oder Vëlo Manifestatiounen oder d' Rekapitulatif-Rechnung vun de d'Marches populaires) |

# 2. Gruppenevents

Nieft den nationale Sportsmanifestatiounen, bitt de CGDIS iech och d'Méiglechkeet als Grupp respektiv als CGDIS-Ekipp un verschiddene Manifestatiounen Deel ze huelen.

### Wéi eng Manifestatiounen ginn ugebueden?

Dir kënnt Iech iwwert de CGDIS fir di folgend Manifestatiounen 2023 umellen.

| | |
|---|---|
| Marche de l'armée | • 3 Juni 2023<br>• 20km<br>• *Inscription iwwer https://gd.lu/bFwPBP*<br>• Tenu: Fräiwëlleg an haaptberufflech Pompjeeën dierfe gären hier F1 Uniform mat de Bottine oder dem Tagesdienstschuh undoen.<br>• **Jugendpompjeeën dierfen och gäre vun dëser Offer profitéieren.** |
| Journée don d'organe | • 17 octobre<br>• *Inscription iwwer https://gd.lu/bFwPBP* |

D'*Frais d'inscriptions* ginn hei vum CGDIS iwwerholl genau esou wéi d'Aschreiwung an der Manifestatioun.

**Opgepasst**: D'Plaze sinn limitéiert a ginn op 'First come, first serve' Basis verginn.

## Wien kann hei matmaachen?

Dës Offer ass fir folgend Member vum CGDIS zougänglech:

- Operationell Pompjeeën (fräiwëlleg oder haaptberufflech)
- Administratiivt Personal

## Wéi funktionéiert dat ?

| | |
|---|---|
| Step 1 | *Dir mellt Iech iwwert https://gd.lu/bFwPBP fir di jeeweileg Manifestatioun un.* |
| Step 2 | Är Umellung gëtt vum INFS confirméiert.<br>Dir kritt ee Bescheed, dass dir Iech gemellt hutt vir un dem Event deelzehuelen. Är definitiv Umeldung zum Event kritt dir no der Clôture vun der Umeldungsfrist. |
| Step 3 | Dir kritt duerno kuerz virun der Manifestatioun eng E-Mail vum INFS mat alle weideren Detailer zu dem Treffpunkt, der Organisatioun, der Tenue etc. |
| Step 4 | Un der Manifestatioun Deel huelen. |

## 3. International Pompjees- Sportsmanifestatiounen

All operationelle Pompjee huet d'Méiglechkeet sech eventuell d'*frais d'inscrption* vun (internationale) Sporteventer, déi sech spezifesch un Pompjeeë riichten, rembourséieren ze loossen.

**Wien kann hei matmaachen?**

Dës Offer ass fir all operationelle Pompjee (fräiwëlleg an haaptberufflech) vum CGDIS zougänglech.

**Wéi eng Manifestatiounen ginn ugebueden?**

Sporteventer déi hei a Fro kommen sin z.B. den Stairrun, Firefit, asw.

**Wéi funktionéiert dat ?**

| | |
|---|---|
| Step 1 | Dir mellt Iech selwer fir di jeeweileg Manifestatioun un. |
| Step 2 | Dir macht eng Demande un dge@cgdis.lu fir de Remboursement vun der jeeweileger Manifestatioun unzefroen. |
| Step 3 | Är Demande gëtt vum Generaldirekter validéiert. |
| Step 4 | Dir huelt um Sportevent Deel andems Dir d'Faarwe vum CGDIS representéiert.<br>Wann Dir nach kee Sporttrikot vum CGDIS hutt, kënnt Dir deen ënnert communication@cgdis.lu ufrooen. |
| Step 5 | Dir huelt um Event Deel. |
| Step 6 | De Remboursement vun de *frais d'inscription* iwwert Dynaforms – Frais généraux ufroen.<br>**Opgepasst !** Dir musst e Beleeg bäifüge vun den *frais d'inscriptions* déi dir bezuelt hutt an och e Beleeg vun der Participatioun vum Event (Bsp. Är Zäit, etc.) |

**Wat muss ech punkto Tenu berücksichtegen?**

Als Participant un enger internationaler Sportmanifestation, wou d'Fraisen vum CGDIS iwwerholl ginn, musst Dir an de Faarrwe vum CGDIS untrieden.

Wann Dir nach kee Sporttrikot vum CGDIS hutt, kënnt Dir deen ënnert communication@cgdis.lu ufrooen.

# 4. Dir hutt weider Froen?

Bei weidere Froen punkto nationale Sportmanifestatiounen an Gruppeneventer, kënnt dir Iech wenden un infs@cgdis.lu.

Bei weidere Froen zu den internationale Pompjees-Sportmanifestatiounen, kënnt dir Iech wenden un dge@cgdis.lu. .

De Chef de Corps

Paul Schroeder

Generaldirekter

**Corps grand-ducal d'incendie et de secours**
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +362 497711 · communication@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36